# Rapport d’activité 2023
# Association Luxembourg Alzheimer

Virwuert 5

Verwaltungsrot (CAD) 6

Exekutivbüro (BEX) 7

Identitéitskaart 2023 8

D'Verwaltung vun der ala plënnert op Bartreng 9

Ambulant Strukturen a Servicer 10

Wunn- a Fleegeheem „Beim Goldknapp” 12

Ënnerstëtzungsservicer 14

Personalwiesen 16

Formatiounsservice 17

Sensibiliséierungsaarbecht 18

Qualitéitsdéngscht 20

Ethikkommitee 21

Highlights 2023 22

# VIRWUERT

Chers membres, collaborateurs, partenaires et soutiens,

Nous sommes ravis de vous présenter le rapport d'activité de l'année 2023 de l'Association Luxembourg Alzheimer. Cette année a été marquée par des progrès significatifs dans notre mission visant à améliorer la qualité de vie des personnes atteintes de la maladie d'Alzheimer et de leurs familles.

## Inauguration et ouverture de la nouvelle aile de notre maison de soins « Beim Goldknapp « à Erpeldange

Nous étions heureux de pouvoir annoncer l'inauguration et l'ouverture de la nouvelle aile à la maison de soins « Beim Goldknapp ». Cette expansion nous permet d'accueillir davantage de résidents et d'offrir des services de soins spécialisés adaptés aux besoins individuels de chacun. Cette initiative renforce notre engagement à fournir un environnement chaleureux et sécurisé pour ceux qui vivent avec la maladie d'Alzheimer.

## Déménagement de notre administration dans de nouveaux locaux spacieux et modernes

En 2023, nous avons déménagé notre administration dans de nouveaux locaux spacieux et modernes. Ce nouvel espace nous permet d'optimiser nos opérations et d'améliorer notre efficacité dans la coordination des programmes et services que nous offrons à notre communauté. Nous sommes reconnaissants envers nos collaborateurs pour leur soutien dans cette transition réussie.

Nous tenons à exprimer notre profonde gratitude envers tous les membres du conseil d'administration pour leur leadership et leur dévouement tout au long de l'année. Leur engagement continu a été essentiel pour guider nos initiatives et assurer notre succès.

Nous souhaitons également remercier chaleureusement le monde politique, les entreprises privées et les associations qui nous ont soutenus tout au long de l'année. Leur générosité et leur partenariat sont vitaux pour la réalisation de notre mission.

Enfin, nous tenons à rendre hommage à tous nos collaborateurs, dont le travail acharné et la compassion font une différence significative dans la vie des personnes atteintes d'une démence et de leurs proches. Leur engagement indéfectible est une source d'inspiration pour nous tous.

En conclusion, l'année 2023 a été une année de réalisations importantes pour l'ala. Nous restons déterminés à poursuivre notre travail avec dévouement et passion et nous sommes impatients de continuer à servir notre communauté dans les années à venir.

Merci encore pour votre soutien continu.

Pour la direction

Isabel Fonseca — Denis Mancini — Lydie Diederich
Direction ala

Pour le conseil d'administration

Marc Schaefer
Président ala

# Verwaltungsrot (CAD)

No der Generalversammlung vum 13. Juni 2023 setzt sech de „Conseil d'administration" (CAD) wéi follgend zesummen:

| | |
|---|---|
| President: | Här Marc Schaefer |
| Vizepresidentin: | Madame Dr. Carine Federspiel |
| Generalsekretär: | Här René Friederici |
| Tresorier: | Här Jules Geisen |
| Memberen: | Här Daniel Baulisch<br>Madame Chantal De Mesmaeker<br>Madame Mireille Elsen<br>Här Robert Héros<br>Här Dr. Jean Jacquemart<br>Här Jean-Paul Schaaf<br>Madame Josée Thill<br>Madame Gaby Weiler |
| Éierepresidenten: | Här Paul Diederich ✝<br>Här Jeannot Krecké |

2023 ass de Verwaltungsrot 5 Mol zesummekomm (1 Mol ausseruerdentlech).



Vu lénks no riets: Här Robert Héros, Madame Josée Thill, Här Jules Geisen, Madame Chantal De Mesmaeker, Här Marc Schaefer, Madame Mireille Elsen, Madame Dr. Carine Federspiel, Här Dr. Jean Jacquemart. Feelen op der Foto: Här René Friederici, Madame Gaby Weiler, Här Daniel Baulisch, Här Jean-Paul Schaaf

# Exekutivbüro (BEX)

De BEX ass zoustänneg fir d'Ëmsetzen an d'Iwwerwaache vu verschiddenen institutionelle Projeten. De BEX vertrëtt d'ala och no baussen a gëtt beoptraagt mat bestëmmten Aufgaben fir d'Viran d'Nobereedung vun de Sëtzunge vum Verwaltungsrot.

**Kompositioun vum BEX**

Här Marc Schaefer, President vun der ala
Madame Dr. Carine Federspiel, Vizepresidentin vun der ala
Här René Friederici, Generalsekretär vun der ala
Här Jules Geisen, Tresorier vun der ala
Här Robert Héros, Member vum Verwaltungsrot vun der ala
Madame Lydie Diederich, Member vun der Direktioun vun der ala
Här Denis Mancini, Member vun der Direktioun vun der ala

Direktiounsassistenz, Invitatioun fir d'Protokollféierung

**Haaptaufgabe vum BEX am Joer 2023**

- Budgetskontroll
- Personalwirtschaftskontroll
- Gestioun vu Projeten

2023 gouf de BEX 5 Mol zu Dummeldeng an der Administratioun zesummegeruff (1 Mol ausser-uerdentlech).



Vu lénks no riets: Madame Lydie Diederich, Här Denis Mancini, Här Marc Schaefer, Här Jules Geisen, Madame Dr. Carine Federspiel, Här Robert Héros. Feelt op der Foto: Här René Friederici

# Identitéitskaart 2023

**Aktivitéiten**

- Berodungsdéngscht
- ala plus, Hëllefs- a Fleegedéngscht doheem
  Am Norden: Ierpeldeng un der Sauer
  Am Zentrum: Bouneweg
  Am Süden: Bieles
  Am Osten: Munneref
- 6 Dagesfoyeren (84 Plazen)
  Am Norden: Dol
  Am Zentrum: Dummeldeng a Bouneweg
  Am Süden: Esch-Uelzecht, Rëmeleng an Diddeleng
- 1 Wunn- a Fleegeheem zu Ierpeldeng-Sauer mat 153 Better ab dem 1.7.2023 no der Vergréisserung

**Personal**

- 377 Persounen

**Ëmsaz**

- 27,70 Milliounen Euro, déi sech wéi follgend opdeelen:
  - Foyeren 19,65 %
  - Wunn- a Fleegeheem 70,81 %
  - ala plus 7,95 %
  - Aner 1,59 %
- 74,40 % vum Ëmsaz komme vun de Prestatioune vun der Assurance dépendance
- 19,08 % vum Accueil gérontologique (Deel, dee vun eise Clientë bezuelt gëtt)
- 6,03 % vun der Assurance maladie
- 0,49 % aner

**Chargen:**

D'Masse salariale representéiert 68,82 % vun eisen totale Chargen (ausserhalb vun de finanzielle Chargen, vun den exceptionelle Chargen an den Amortissementer)

**Prêten:** 8,27 Milliounen Euro

**Reserven:** 8,77 Milliounen Euro

# D'Verwaltung vun der ala plënnert op Bartreng

Den 11. Dezember huet d'Association Luxembourg Alzheimer hir administrativ Servicer an d'Gebai Emporium vum Atrium Business Park an d'Industriezon Bourmicht op Bartreng verluecht. Well d'Büroen an der Rue Nicolas Hein ze kleng gi sinn, huet d'ala no gréisseren, awer och méi moderne Bürosraim gesicht. De Sëtz vun der ala bleift awer weiderhin zu Dummeldeng esou wéi déi therapeutesch Servicer an de Sozial- a Koordinatiounsdéngscht. An der Zukunft wäert och eng Antenn vun ala plus, dem Hëllefs- a Fleegedéngscht doheem op Dummeldeng kommen.













# Ambulant Strukturen a Servicer

D'ambulant Strukture vun der ala sinn e wichtegt Element an der Begleedung vun de Betraffenen an hire Familljememberen. Zu den ambulante Strukture gehéieren déi 6 Dagesfoyere vun der ala (Bouneweg, Diddeleng, Dol, Dummeldeng, Esch-Uelzecht, Rëmeleng) an ala plus, den Hëllefs- a Fleegedéngscht doheem.

## PRÄSENZEN DAGESFOYEREN 2023





Total Präsenzen: 17.390
2023 hunn d'Dagesfoyere vun der ala insgesamt 183 Mënsche mat enger Demenz an hiert soziaalt Ëmfeld begleet. Dovu ware 86 Fraen an 97 Männer.

## PROGRESSIOUN VUN ALA PLUS

Clientë vun ala plus:

2019: 104 Leit
2020: 105 Leit
2021: 112 Leit
2022: 125 Leit
2023: 97 Leit




Moyenne vun de Clienten am Joer

## DUERCHSCHNËTTSALTER AMBULANT SERVICER 2023

Den Duerchschnëttsalter louch bei 79,25 Joer.

Déi jéngst Persoun hat 57 Joer an déi eelst 97 Joer.

Den Altersduerchschnëtt bei de Frae louch bei 80,58 Joer.

Den Altersduerchschnëtt bei de Männer louch bei 77,75 Joer.










# Wunn- a Fleegeheem „Beim Goldknapp”



D’Wunn- a Fleegeheem zu Ierpeldeng un der Sauer ass agedeelt an 13 Wunnberäicher an deenen Eenzelzëmmere (an een Duebelzëmmer) fir 9, 11 oder 12 Persounen zur Verfügung stinn. Insgesamt kënnen déi 153 Bewunner an enger familiärer Atmosphär wunnen.

## DUERCHSCHNËTTSALTER

2023 louch den Duerchschnëttsalter vun de Bewunner bei 80,25 Joer. Den Duerchschnëttsalter vun de Fraen huet 82,33 Joer bedroen a bei de Männer louch e bei 76,58 Joer. Dee jéngste Bewunner war e Mann vun 43 Joer an deen eelste Bewunner eng Fra vu 97 Joer.

## FINANZÉIERUNG

Am Joer 2023 huet de monatlechen Hotelleriepräis 2.971,99 € (Januar), 3.046,29 € (Februar-Abrëll), 3.122,45 € (Abrëll-August) respektiv 3.200,51 € (September-Dezember) bedroen.

## ADMISSIOUNEN

2023 huet d’Wunn- a Fleegeheem 65 nei Bewunner opgeholl, dovunner 34 Fraen an 31 Männer.

## BELEEUNGSGRAD

Am Joer 2023 louch déi monatlech Beleeung vun den Zëmmere bei 100 % an de bestehende Wunnberäicher a bei 44 % an den dräi neie Wunnberäicher.

## WAARDELËSCHT

Am Joer 2023 waren duerchschnëttlech 135 Persounen op der Waardelëscht agedroen.
Insgesamt goufen 73 nei Demanden agereecht, dorënner 39 Fraen a 34 Männer.

## PROJET PÄERDSHAFF MAM ROTARY CLUB

Säit dem September 2023 gi mir mat eise Bewunner op de Päerdshaff bei d’Madame Claudine Speicher zu Uewerfeelen. Dësen Ausflug gëtt wéchentlech vum Wunn- a Fleegeheem organiséiert a gëtt finanziell vum Rotary Club Dikrech-Ettelbréck ënnerstëtzt.



## AWEIUNG VUN DEN NEIE WUNNBERÄICHER AM WUNN- A FLEEGEHEEM

Den 28. September 2023 huet d'Aweiung vun den neie Wunnberäicher am Wunn- a Fleegeheem „Beim Goldknapp" stattfonnt a Presenz vum Här Max Hahn, Minister fir Famill, Solidaritéit, Zesummeliewen an Accueil, dem Här Claude Haagen, Minister fir sozial Sécherheet an dem Här Claude Gleis, Buergermeeschter vun Ierpeldeng-Sauer.

No der Begréissung vun der Mme Michèle Halsdorf, Direktiounsbeoptraagt vum Wunn- a Fleegeheem, huet den Här Marc Schaefer, President vun der ala, iwwer d'Grënnung, d'Evolutioun an d'Servicer vun der ala geschwat. No der offizieller Ouverture mam Duerchschneide vum Bändchen, ass den Nométteg mat engem feierlechen Empfang ofgeschloss ginn.





© SIP/Jean-Christophe Verhaegen, © Giovanni Ferigo

WEKITU ginn déi nei Wunnberäicher genannt. WEKITU steet fir d'Ufanksbuschtawe vun „Am Weessefeld", „Beim Kiischtebam" a „Bei den Tulpen". Dëst sinn d'Nimm vun den dräi neie Wunnberäicher déi am August 2023 hir Dieren opgemaach hunn. Am Ganze sinn et 36 zousätzlech Zëmmeren, déi opgedeelt sinn an 3 spezialiséiert Wunnberäicher. De Wunnberäich „Am Weessefeld" adresséiert sech u Mënsche mat Demenz, déi spezifesch Bedierfnisser hunn. „Bei den Tulpen„ ass fir jonk Leit reservéiert, déi eng Demenz hunn an den drëtte Wunnberäich „Beim Kiischtebam" ass identesch wéi déi scho besteeënd Unitéiten.






### KONZEPT OASE IWWERSCHAFFT

D'Fleegeoas gouf speziell fir Leit entworf deenen hir Demenz e fortgeschrattene Stadium erreecht huet an déi en héijen Niveau un Angscht an en intensiivt Bedierfnis u Sécherheet hunn. 2023 huet eisen Aarbechtsgrupp „Konzept OASE" sech zesummegesat fir d'Konzept vun der OASE nei auszeschaffen. Hei ass et haaptsächlech drëms gaangen d'Admissiounsprozedur unzepassen, sou dass eis Mataarbechter méi an dëse Verlaf mat agebonne kënne ginn.

# Ënnerstëtzungsservicer

D'Ënnerstëtzungsservicer déi sech souwuel un déi betraffe Mënsche wéi och un hiert soziaalt Ëmfeld riichte sinn e wichtege Bausteen am Konzept vun der ala. Dës Servicer gi mat der finanzieller Ënnerstëtzung vum Ministère fir Famill, Solidaritéit, Zesummeliewen an Accueil ugebueden.

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Famille, des Solidarités,
du Vivre ensemble et de l'Accueil

## HELPLINE 24/24

Oft fält et de Betraffenen an hire Familljememberen net liicht Berodung an Ënnerstëtzung ze froen. D'Helpline vun der ala kënne si spontan notzen, wat hëlleft dës Barrière ze iwwerwannen. Eisen Noutfalltelefon ass all Dag, 24 Stonnen op 24, erreechbar. An Noutfallsituatioune ginn eis Mataarbechter kompetent a praktesch Rotschléi an offréieren emotionalen a psychologesche Bäistand.

## COURS FIR BETRAFFE FAMILLJEN

An dësem Cours kënnen d'Familljememberen oder d'Leit aus dem sozialen Ëmfeld Informatioune kréien iwwer d'Demenz. D'Demenzforme gi beschriwwen an den Ëmgang mat der erkrankter Persoun gëtt thematiséiert. En direkten Austausch an d'Kommunikatioun mat anere betraffene Persounen hëlleft den Alldag ze meeschteren.

## ËNNERSTËTZTE SELBSTHËLLEFGRUPP FIR MËNSCHE MAT ENGER DEMENZ AM UFANKSSTADIUM

Mënsche mat enger Demenz am Ufanksstadium treffen sech eemol am Mount an engem geschützte Kader. Hei kënnen si mat Gläichbetraffenen hir Problematiken a Bewältegungsméiglechkeeten diskutéieren a gläichzäiteg iwwer hir Ängschten, hir Trauer an hiert Gefill vun Hëlleflosegkeet schwätzen. Eent vun den Haaptziler ass et d'Autonomie an d'Selbstbestëmmung vun de Mënsche mat Demenz ze stäerken.

## FAMILLJEKREES

De Familljekrees ass e Gespréichsgrupp fir d'Familljememberen an d'soziaalt Ëmfeld vu Mënsche mat Demenz. Wat proposéiert de Familljekrees? En Austausch mat Mënschen an enger änlecher Situatioun, nei Weeër am Ëmgang mat de Betraffenen an nei Méiglechkeete vun der Bewältegung.

## EDUKATION DEMENZ®

„EduKation demenz®" ass d'Ofkierzung fir „Entlastung durch Förderung der Kommunikation bei Demenz". Esou heescht de Schoulungsprogramm fir Familljemembere vu Mënsche mat Demenz, dee vun der Mme Prof. Dr. Sabine Engel 2006 entwéckelt gouf. „EduKation demenz®" ass déi eenzeg wëssenschaftlech evaluéiert Schoulung fir Familljememberen an Däitschland an am däitschsproochegen Ausland.



**Helpline:** **712** Uriff am Ganzen

**Cours fir betraffe Familljen:** **8** Familljememberen an der Moyenne

**Selbsthëllefgrupp:** **2** Leit an der Moyenne

**EduKation demenz®:** **5** Familljememberen

**Familljekrees:** **6** Familljememberen an der Moyenne

# Personalwiesen

## MATAARBECHTER

Eis Mataarbechter identifizéieren sech mat eiser Betribsphilosophie. Et si qualifizéiert a motivéiert Partner, déi fest an d'Organisatioun agebonne sinn an déi hir Aarbecht kompetent ausféieren. D'Zesummenaarbecht an engem multiprofessionellen Team erlaabt eise Mataarbechter sech ënnereneen auszetauschen, Problemer ze beschwätzen an nei Iddien ze entwéckelen.


2023 hate mir an der Moyenne 262,36 ETP (Equivalent Temps Plein).

Op den 31. Dezember 2023 hunn 377 Mataarbechter bei der ala geschafft: 253 Fraen an 124 Männer an et ware 14 Nationalitéite vertrueden. Vun den 377 Kontrakter waren 185 Vollzäit-Kontrakter an 192 Deelzäit-Kontrakter.

## UNZUEL FRAEN A MÄNNER




## UNZUEL MATAARBECHTER PRO NATIONALITÉIT




Der ala ass et wichteg déi verschidde Schoulen an der Ausbildung ze ënnerstëtzen. Nieft den Interventioune vun eise Mataarbechter an de Schoule fir Formatiounen a Sensibiliséierung iwwert d'Aarbecht mat Mënsche mat enger Demenz, huet d'ala och 68 Stagiairen am Laf vum Joer 2023 encadréiert.

Des Weideren huet d'ala 8 Jonker am Kader vum Service Volontaire (SNJ) begleet an 1 Persoun encadréiert, déi sech an enger „Mesure d'activation" am Kader vum REVIS befënnt.

# Formatiounsservice

Am Joer 2023 hunn am Ganzen 1018 Mataarbechter u verschiddene Formatiounen deelgeholl. Vu 7246 Stonne Formatioun waren et 61 extern an 129 intern Formatiounen. Eis „Einführung neuer Mitarbeiter“, déi all neie Mataarbechter bei der ala mécht, gouf 2023 dann och 24 Mol ofgehal.


Eise Formatiounsplang ass breet gefächert, esou hale mir eng ganz Partie, ganz villfälteg Formatiounen. An éischter Linn natierlech iwwer Demenz, den Ëmgang an d'Kommunikatioun mat Mënsche mat enger Demenz, mee och iwwer Sécherheet, Hygiène, Aktivitéite, Beweegung, kachen, Psychohygiène, Réckeschoul ... a villes méi!

Nei an onsem Programm dëst Joer war d'Formatioun Deeskalatioun déi am Hierscht ugelaf ass an där d'Participantë léiere Konfliktsituatiounen ze entschäerfen.

Eng aner nei Formatioun ass donieft och Demenz Balance-Modell©. An dëser Formatioun simuléiert een eng Verloschterfarung vun Deeler vun der eegener Identitéit. Mat dëser Selbsterfarung wëlle mir d'Verständnis fir d'Welt vu Mënsche mat enger Demenz förderen.





# Sensibiliséierungsaarbecht

D'Sensibiliséierungsaarbecht zielt zu de Prioritéite vun der ala. Wann och vill Fortschrëtter déi lescht 30 Joer gemaach gi sinn, d'Demenz ass leider ëmmer nach en Tabuthema. Dofir ass och eent vun den Ziler vun der ala, d'Ëffentlechkeet iwwer d'Demenz-Thematik opzeklären.

## SOZIAL MEDIEN, INTERNET AN ALA-ZEITUNG

D'Sensibiliséierung vun der ala geet och iwwer d'sozial Medien (Facebook, Instagram a Linked-in) an iwwer den Internet-Site vun der ala (www.ala.lu) wou d'Leit sech iwwer d'Evenementer, d'Aktualitéiten an d'Publikatioune vun der ala kënnen informéieren. Zu de Publikatioune gehéiert och d'ala-Zeitung, déi 4 Mol d'Joer un d'Membere vun der ala, un ëffentlech Institutiounen, Dokteren, Apdikten, etc. verschéckt gëtt.

## KONFERENZ DEMENZFORSCHUNG & PREVENTIOUN

De 16. Juni 2023 hat d'ala eng Konferenz am Auditorium vu Lalux Assurances zu Leideleng organiséiert mam Thema „Demenzforschung & Prävention“ mam Här Prof. Dr. Michael Heneka, Direkter vum Luxembourg Center for Systems Biomedicine an der Mme Prof. Dr. Anja Leist, Associate Professor in Public Health and Aging op der Uni Lëtzebuerg.  Méi wéi 100 Leit haten sech am Auditorium afonnt fir dës interessant Konferenz.






## INFO-OWENDER, SENIORSFOIREN A GESONDHEETSDEEG

Reegelméisseg organiséiert d'ala an de Gemengen uechtert d'Land Info-Owender wou d'Leit net nëmmen alles iwwer d'Krankheet an den Ëmgang mat der Diagnos Demenz gewuer ginn, mee och iwwer d'Servicer vun der ala. Och bei Seniorsfoiren a Gesondheetsdeeg ass d'ala present mat engem Infostand.

| | |
|---|---|
| 18. Mäerz: | Gesondheetsdag Réiser |
| 22. Mäerz: | Info-Owend Wëntger |
| 25. Mäerz: | Forum & Dag vum 3. Alter Waasserbëlleg |
| 21.-22. Abrëll: | Seniors Lux Kierchbierg |
| 6. Mee: | Seniorendag Wëntger |
| 10. Mee: | Info-Owend Péiteng |
| 12. Mee: | Journée 60+ Stad Lëtzebuerg |
| 14. September: | Gesond Diddeleng |
| 3. Oktober: | Info-Owend Suessem |
| 14. Oktober: | Foire Seniors Bartreng |

## SENSIBILISÉIERUNGSWOCHE VUN DER STAD LËTZEBUERG

Vum 25. Abrëll bis den 19. Mee huet am Kader vun de Sensibiliséierungswoche vun der Stad Lëtzebuerg eng Ausstellung am Theater an der Stad stattfonnt. D'Leit konnten sech hei iwwer verschidden Associatiounen informéieren, déi am Beräich vun der Integratioun an de spezifesche Bedierfnisser aktiv sinn. D'ala hat niewent Informatiounsmaterial och Biller vum Konschtatelier vun der ala ausgestallt.







## MEMORY WALK

2023 huet eisen traditionelle Memory Walk op der Place Clairefontaine stattfonnt. D'Leit konnte sech op den Infostänn iwwer Alzheimer an déi aner Demenzformen informéieren, eppes Klenges iessen, e Patt huelen an e flotte musikalesche Moment beim Concert vum Serge Tonnar & Band an der Musek vu Les Brasseurs verbréngen.

D'Thema vum Memory Walk 2023 war „Demenz an d’Welt steet op der Kopp”. Alldeeglech Routinnen, Interaktiounen an d'Perceptioun vun der Ëmwelt änneren a ginn op d'Kopp geworf. All dëst veronséchert déi betraffe Persoune wéi och hir Familljen. Mir kënnen all eppes maachen, fir si ze ënnerstëtzen. Leit mat Demenz an hir Familljemembere sollen erliewen, dass si trotz hirer Krankheet akzeptéiert an Deel vun eiser Gesellschaft sinn.

Fir hir Solidaritéit mat de Mënsche mat Demenz ze weisen, konnten d'Leit de Memory Walk matgoen. Dëst Joer ass et vun der Place Clairefontaine op d'Place de la Constitution gaang, wou d'Participanten Erklärungen iwwer d’Gëlle Fra an de Claus Cito kruten an iwwer d’Geschicht vum Garer Quartier.





# Qualitéitsdéngscht

## ZEFRIDDENHEETSËMFRO BEI DE MATAARBECHTER

Am Kader vum Qualitéitsmanagement huet 2023 eng Zefriddenheetsëmfro bei de Mataarbechter vun der ala stattfonnt. Dës gëtt am Rhythmus vun 2 Joer duerchgefouert an et war insgesamt déi 3. Editioun dovun. Genee wéi déi Kéier virdrun hate mir dës Onlinebefroung wärend 3 Wochen am Mount Juni fräigeschalt.


Vun den 342 ugeschriwwene Mataarbechter vun der ala hunn der 180 un der Befroung deelgeholl, dëst entsprécht 53 % vum gesamte Personal. Bedeelegt hunn sech 119 Leit aus der Laangzäitfleeg, 46 Leit aus den ambulanten Déngschter an 12 Leit aus der Administratioun. Wärend der Befroung krute mir ee fir eis ganz wichtege Feedback a follgenden Themeberäicher:

- Aarbechtszefriddenheet an Organisatioun,
- Erausfuerderend Situatiounen am Alldag,
- Haltung an Astellung vun de Mataarbechter vis-à-vis vum Patron ala,
- Kommunikatioun innerhalb vun der ala,
- Happy Management,
- Verännerunge vun den ze betreiende Mënsche mat Demenz.


Zudeem krute mir en Abléck an de Mataarbechter hir allgemeng Zefriddenheet a si konnten eis Ureegungen a Kritik matdeelen.

Am grousse Ganze kënne mir soen, dass d'Froen déi mir gestallt hu ganz positiv bewäert gi sinn. A mir krute schéine Luef, awer och konstruktiv Kritik wéi mer eis verbessere kënnen.
Hei fannt Dir verschidde Resultater ...


### BASS DU AN DE 6 LESCHTE MEINT EEMOL KIERPERLECH UGEGRAFF GI WÄREND DENGER AARBECHT?




### WÉI OFT ASS ET AN DE LESCHTEN 2 MÉINT VIRKOMM, DASS DU MAT RICHTEGER FREED GESCHAFFT HUES?




### A BELAASCHTENDE SITUATIOUNEN KANN ECH MECH U MÄI VIRGESETZTE WENDEN.



# Ethikkommitee




v. l. n. r. Christine Dahm-Mathonet, Cerasela Laptes, Christian Nosbüsch, Félicie Kirsch, Sabrina Stefanetti
(Et feelen: Dr. Alexandra von Habsburg, Nicole Weis, Jael Tavares, Jean Georges, Pascal Probst)

D'Ofhale vun de Reuniounen am Onlineformat huet sech als ganz praktesch erwisen. Insgesamt huet den Ethikkommitee sech am Joer 2023 4 Mol iwwer Zoom getraff fir déi aktuell Themen ze beschwätzen an un de lafende Projeten ze schaffen.

Am Kalennerjoer 2023 sinn 2 Ufroen un den Ethikkommitee geriicht ginn, dës sinn entspriechend der Problematik beäntwert gi bzw. un en aner Service virugeleet ginn.

Haapttheemen am lafende Joer waren:

- Projet Zero Toleranz bei de fräiheetsentzéiende Moossnamen (FEM). Innerhalb vun dësem Projet, deen nach net ofgeschloss ass, gouf eng Checklëscht fir den Alldag an der Versuergung vu Mënsche mat Demenz ausgeschafft. Dës Checklëscht gëtt de Moment op zwou Wunnunitéiten op d'Praktikabilitéit getest. Weiderhi soll zu dësem Theema eng Formatioun ausgeschafft ginn, déi d'Mataarbechter fir dëst Theema sensibiliséiere soll.
- Verschidde Membere vum Ethikkommitee haten eng kuerz Formatioun zum Theema Ethik, domat soll erreecht ginn, dass all d'Memberen e gläiche Wëssensstand als Basis fir d'Aarbecht am Ethikkommitee hunn.
- Et goufe weider Kontakter zu Ethikkommiteeë vun aneren Organisatioune geholl.
- D'Statute vum Ethikkommitee vun der ala goufen un den neie Besoin, deen dat neit Gesetz iwwer d'Qualitéit vun den Déngschtleeschtunge fir eeler Leit virgëtt, ugepasst.
- D'Membere vum Ethikkommitee hunn un der Konferenz "Kostbare Augenblicke" vum Info-Zenter Demenz deelgeholl.
- Insgesamt 4 Artikele sinn an der ala-Zeitung vum Ethikkommitee veröffentlecht ginn.

# Highlights 2023



31. Januar - Neijoerschpatt bei der ala




10. Mee - Visitt vum Här Christian Jung am Wunn- a Fleegeheem "Beim Goldknapp"



13. Juni - Generalversammlung vun der ala




26. Juni - Treffen vun den däitschsproochegen Alzheimer an Demenz Organisatiounen zu Berlin



30. Juni - Personalfeier



24. Juli - Grillen vun der Wunnberäichsleedung fir d'Personal am Wunn- a Fleegeheem




25. Juli - Visitt am Wunn- a Fleegeheem "Beim Gold-knapp" vum Här Max Hahn, Familljeminister



21. September - Bademantelchallenge um Welt-Alzheimerdag



27. September - Reunioun vum Comité stratégique vun der ala



28. September - Aweiung vun den neie Wunnberäicher am Wunn- a Fleegeheem "Beim Goldknapp"




16.-18. Oktober - Alzheimer Europe Conference Helsinki




23. November - Treffen vun den däitschsproochegen Alzheimer an Demenz Organisatiounen zu Lëtzebuerg

## SERVICER

- Sozial- a Koordinatiounsdéngscht
- Psychologeschen Déngscht
- Therapeuteschen Déngscht
- Ethikkommitee
- Berodungsdéngscht fir d'Upassung vum Wunnraum
- Weiderbildung fir Professioneller
- Coursë fir Familljememberen
- Helpline (24/24): 26 432 432
- Selbsthëllefgruppen

## STRUKTURE VUN DER ALA



FOYER ESPÉRANCE

51, rue Zénon Bernard
L-4031 Esch-Uelzecht

Tel. 26 007-380



FOYER
DOMINIQUE MARTH

45, rue Nicolas Hein
L-1721 Dummeldeng

Tel. 26 007-340



FOYER
MINETTSHEEM

6, rue de la Fontaine
L-3726 Rëmeleng

Tel. 26 007-400



FOYER GËNZEGOLD

1, Daehlerbaach
L-9644 Dol

Tel. 26 007-320



FOYER
VILLA REEBOU

104, rue de l'Hôpital
L-3488 Diddeleng

Tel. 26 007-360



FOYER BONNEVOIE

145, route de Thionville
L-2611 Bouneweg

Tel. 26 007-300



WUNN- A FLEEGEHEEM
„BEIM GOLDKNAPP"

8, Gruefwee
L-9147 Ierpeldeng/Sauer

Tel. 26 007-500



ala plus
HËLLEFS- A FLEEGE-
DÉNGSCHT DOHEEM

145, route de Thionville
L-2611 Bouneweg

Tel. 26 007-1

**T. 26 007-1 | www.alzheimer.lu | info@alzheimer.lu**